# Stückemarkt zu Miersch

*Vu Freides 7. bis Sonndes 9. Mäerz war zu Miersch am Nationale Literaturzenter an Zesummenaarbecht mam TNL, dem Théâtre national du Luxembourg, déi 5. Foire du théâtre européen. Fir dës 5. Editioun vum „europäesche Stückemarkt" konnten Auteuren aus ganz Europa hir biswell net opgefouert Theaterstécker aschécken, déi du vun engem Jury selektionéiert goufen. De Publikum konnt de Weekend am Servais-Haus déi ausgewielte Stécker am Kader vu méi oder manner professionellen szenesche Liesungen entdecken.*

Claude Mangen

D'Theatersaison ass voll amgaangen, d'Spillpläng si gutt gefëllt mat Hauscreatiounen oder Spectacles d'accueil an de Beräicher Muséks-, Danz- oder Spriechtheater. Eis national Spiller, Regisseure wéi och Kritiker hunn all Hänn voll ze dinn. An de Publikum souwisou!

Wien intresséiert sech dann do nach fir zäitgenëssesg Stécker an Auteuren, déi souwisou kee kennt? Niewent den Organisateuren, de Spriecher an de Schrëftsteller ware just e puer Literatur- an Theaterinsider op de Liesungen zu Miersch. Dat war net genuch, an de Stückemarkt hätt Besseres verdéngt gehat. Mä vläicht war grad dowéinst dëse Weekend intressant an opschlossräich.

Datt héchstens en avertéierte Publikum sech fir nei Tendenzen an der Theaterliteratur intresséiert, schéngt kloer, mä weder déi Lëtzebuerger Literatur- nach d'Theaterszen war mat wéinegen Ausnamen um Rendezvous. Vu véier Lëtzebuerger Nowuess-Schreiwer, deenen hir Stécker presentéiert goufen, war just mol een op seng Liesung komm. Zwéin däitschsproocheg Schrëftsteller dogéint haten d'Reess aus Däitschland, respektiv Éisträich, op sech geholl. Mä wéi heescht et: „les absents ont toujours tort".

**Vu véier Lëtzebuerger Nowuess-Schreiwer, deenen hir Stécker presentéiert goufen, war just mol een op seng Liesung komm.**

Natierlech gëtt zäitgenëssegen Theater op eise Bühne programméiert, a Lëtzebuerg zitt, wéinstens wat nei Stécker ugeet, gläich mat den Entwécklungen am Ausland. An deem Sënn hat de 5. Stückemarkt keng Iwwerraschungen ze bidden, huet éischter scho Gewosstes confirméiert wéi nei Weeër gewisen. En Text vun haut liwwert längst keng a sech geschlossen Handlung a psychologesch duerchduechte Figure méi. Et si Form- a Sproochexperimenter, Textfragmenter mat vill, ganz vill Regie-Uweisungen, Theaterbiller, déi net ouni Hëllef vun Technik wéi Video a Computer fir d'Bühn ëmzesetze sinn. Besonnesch opfälleg ass den Decalage tëscht dem geschwate Wuert an deem, wat sech visuell soll vermëttelen. Et si literaresch Kompositiounen an Textarrangementer, gekoppelt mat ausdrocksstaarke Biller.

De Stückemarkt zu Miersch hätt kënnen eng Diskussiounsplattform si fir nei Tendenzen, zäitgenësseg Stécker an Inszenéierungen op Lëtzebuerger Bühnen. E wichtege Forum fir Theaterinhalter, en Austausch tëscht Programmateuren, Schrëftsteller, Regisseuren a Schauspiller. War et awer leider net – firwat och ëmmer!

Den Théâtre national an d'Mierscher Literaturhaus si fir hire Stückemarkt z'encouragéieren. Datt villes iwwer de Knéi gebrach gouf, d'Liesungen net ëmmer op der Héicht vun den Texter waren an d'Pausen tëscht de Stécker méi sënnvoll hätte kënne genotzt ginn, ass ze verbesseren. Trotz allem gouf fir eng Kéier net iwwer Suen a Strukturen debattéiert, mä iwwer Inhalter, Stécker, Texter, Formen asw. En Debat, deen onbedéngt op enger breeder Basis misst ënner den Theaterschaffende gefouert ginn, fir datt den Theater vum 21. Joerhonnert och zu Lëtzebuerg seng Chance a säi Public kritt.

*Kulturchronik vum 11.3.2008*

*De Claude Mangen ass Programmkoordinator beim radio 100,7. Kulturchronik all Dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer.*